

ISSN 1019-0287


Preis 1,60 €

13. Mai 2005

erscheint freitags

13/5 - 22/5/2005

(film/theatre/concert/events)



Bio-Kuh sucht Nachahmer



Fünf Prozent Bio-Anteil an der landwirtschaftlichen Produktion im Jahre 2010: Ein eher bescheidenes Ziel des nationalen Nachhaltigkeitsplans, das trotzdem nicht erreicht werden wird. Die Biobranche stößt an Grenzen, die sie aus eigenen Kräften kaum überwinden kann.

dossier, Seite 4

(Foto: Archiv)

Individualität statt Gleichmacherei


Weniger Frontalunterricht, sondern mehr Unterricht im Dienst des Einzelnen empfiehlt Differenzierungsexpertin Liane Paradies.

interview, Seite 2

Secret volé

La place financière accepte la retenue à la source, car l'avantage compétitif du secret bancaire est maintenu - provisoirement.

dës woch, Seite 3



LETZEBUERGESCH

Fréier kruit ee bei de Scoute Badgen, haut där e sech e Pin uspéngelen, wann ee Lëtzebuergesch kann. Mat hirer neiester Campagne schléit d'Astien eng gelunge Richtung an.

Gutt gemengt ass de Géigendeel vu gutt. Dës Riedensaart passt op déi nei Astis-Campagne wéi d'Fauscht op d'Aa. Ennert dem Motto "Ech schwätzen och Lëtzebuergesch" wëllt d'Ausländerorganisatioun d'Leit dozou incitéieren, Lëtzebuergesch als Kommunikatiounsprooch ze benotzen. Duerfir huet si dës Deeg en Toutes-Boîtes verdeele gelooss mat engem Übungsbuch, enger CD an engem Pin. Eng deier Geschicht, an et där e sech froen, wat se bréngt.

D'Buch ass nämlech net gemaach fir déi Leit, déi Lëtzebuergesch wëlle léieren, mä bitt haaptsächlech Exercice fir déi, déi et scho gutt kënnen. Dat ass net nei, esou Bicher gëtt et der schonn eng jett. Wéi sënnavoll ass et allerdéngs, wa Leit solle léieren, wéi ee beim Dokter Lëtzebuergesch schwätzt? Wäre et net vill méi wichteg, wann de Staat a flächendeckend Lëtzebuergesch-Coursen fir friemsproucheg Dokteschen an

Dokteren a fir d'Klinikpersonal géif investéieren? D'Gesondheet ass ee vun deene Beräicher, wou et fir Leit, déi als Mammesprooch Lëtzebuergesch schwätzen, tatsächlech mat der Kommunikatioun net sou einfach ass - a wou et awer wichteg wier, ze verstoen a verstannen ze ginn.

Doniewt kréien d'Leit op Franséisch déi onvermeidlech "Lëtzebuergesch Traditionen" erkläert: D'Sprangproziess, d'Oktav an den Hämelsmarsch - d'Letzebuergesch Wiesen op dat Wesentlech reduzéiert, quoi.

Wierklech penibel awer ass d'Iddi mam Pin. Do steet nämlech drop: "Ech schwätzen och Lëtzebuergesch." Net nëmmen, datt dat fatal erënnert un déi nationalistesch Campagne "Hei duerft der Lëtzebuergesch schwätzen", déi virun e puer Joer am Einzelhandel gelaf ass. Mä et muss ee sech emol virstellen, wéi et wier, wann déi auslännesch Leit, déi sech et zoutrauen, tatsächlech esou e Pin géifen undoen. Da sti jo

all déi, déi net Lëtzebuergesch schwätze kënnen, zimlech am Reen. Zu Enn geduecht, deelt ee mat esou enger Klassifikatioun déi auslännesch Leit op an déi gutt integréiert, déi Lëtzebuergesch schwätzen, an an déi, déi et einfach net wëlle léieren. Mol ofgesinn dovunner, datt et vum pädagogesche Point de Vue hier éischer dernieft ass ze mengen, Leit, déi net perfekt Lëtzebuergesch schwätzen, géifen sech trauen, sech mam Droe vun esou engem Pin selwer op d'Schëlleren ze klappen.

Zwar gëtt am Virstellungstext vun der Campagne betount, "datt d'Lëtzebuergesch nëmmen eng vun deene villen Emgangssproochen ass". Mä eigentlech verabschied d'Asti sech hei vum Prinzip vun der Gläichwäertegkeet vun den dräi offizielle Sproochen, fir um Premier Juncker senger Schinn vum "Lëtzebuergesch als Integratiounsprooch" ze fueren. Datt dëst Konzept an engem Land, wou a ville Betrieber achtzeg Prozent oder méi auslännesch Leit schaffen, zumindest diskutabel ass, gëtt esou ausgeklamert.

Kee Wuert awer geet an där Campagne, déi iwwerens vum Kulturministär fi-

nanzéiert gëtt, Rieds doriwwer, datt et zu Lëtzebuerg en absolute Mangel u Sprooch-Course gëtt. Kee Wuert geet Rieds doriwwer, datt vun enger Fräistellung während der Aarbechtszäit, fir Lëtzebuergesch ze léieren, zwar mëttlerweil och emol vu Regierungssäit geschwat gëtt, mä datt d'Emsetzung bis elo net geschitt ass. Net ze schwätzen dovunner, datt et fir auslännesch Schülerinnen a Schüler am Postprimaire net méiglech ass, Lëtzebuergesch ze léieren. Wa scho Lëtzebuergesch als Integratiounsprooch, da soll de Staat awer wann ech gelieft och d'Conditionne schafen, fir sech déi Sprooch kënnen unzueeignen.

Obwuel et eigentlech jidderengem - och an der Politik - kloer ass, datt sech zu Lëtzebuerg je no Situatioun a je no Gesprächspartner verschidde Sproochen ubidden, gëtt awer ëmmer erëm dem Lëtzebuergesch op eng méi oder manner offensichtlech Aart a Weis d'Primat zougenschwat. Dat kann een Valorisierung vum Lëtzebuergesch nennen - oder och vun uewen diktiert Sproochepolitik.

Y mettre du sien


Karolina Markiewicz conçoit l'art à la façon des auberges espagnoles: chacun n'a que ce qu'il apporte.

kultur, page 9

Nachforschungen

Mit "Ausgeraubt" versucht das Geschichtsmuseum, den geraubten Besitzümern von Juden und Emigranten auf die Spur zu kommen.

voices, Seite 10



E Kommentar vum Renée Wagener

Preis: 1,60 €



90797